



3) Les demandes de pétition publique suivantes ont été déposées:

830 - Demande de pétition publique: Ethisch-moralische Verpflichtung der Politiker zur Offenlegung ihrer Finanzen

Dépôt: M. Guy Wagner, le 17.07.2017

831 - Demande de pétition publique: Offenlegung und Anpassung der Gemeindeausgaben ans 21. Jahrhundert

Dépôt: M. Guy Wagner, le 17.07.2017

832 - Demande de pétition publique: Begrenzung und Anpassung der Geschwindigkeit für Transportmittel über 3,5 Tonnen

Dépôt: M. Guy Wagner, le 17.07.2017

833 - Demande de pétition publique: Gleichbehandlung der Bürger RMG und Arbeitslose

Dépôt: M. Guy Wagner, le 17.07.2017

834 - Demande de pétition publique: Anstrengung um eventuell Kartellabsprachen bei öffentlichen Angeboten entgegenzuwirken und Ausgaben zu reduzieren

Dépôt: M. Guy Wagner, le 17.07.2017

835 - Demande de pétition publique: Regroupement des fratries à l'école

Dépôt: Mme Sylvie Ferreira, le 19.07.2017

836 - Demande de pétition publique: Annulation pétition 832

Dépôt: M. Marc Remy, le 26.07.2017

837 - Demande de pétition publique: Remplacer la limite actuelle de vitesse (90 km/h) par une limite de vitesse à 110 km/h dans les tunnels sur autoroute

Dépôt: M. Laurent Terrassier, le 28.07.2017

838 - Demande de pétition publique: Gesetzesänderung bei Vergewaltigung an Minderjährigen

Dépôt: M. Sylvain Backes, le 30.07.2017

839 - Demande de pétition publique: Amendes de stationnement sur emplacements de livraison plus sévères

Dépôt: M. David Mariotto, le 07.08.2017

840 - Demande de pétition publique: 180 km/h sur les autoroutes à partir de 22:00h le soir jusqu'à 6:00h le matin

Dépôt: M. Kevin Raach, le 09.08.2017

841 - Demande de pétition publique: Keen Tarif de nuit (d'urgence) an der Apdikt fir Kanner

Dépôt: M. Mike Gira, le 13.08.2017

842 - Demande de pétition publique: Aféiere vun engem eenzege Wahlbezierk fir ganz Lëtzebuerg

Dépôt: M. Andy Humbert, le 30.08.2017

843 - Demande de pétition publique: Begrenzung der Aufbewahrungszeit von personenbezogenen Daten

Dépôt: M. Nermin Skrijelj, le 31.08.2017

844 - Demande de pétition publique: Entkriminalisierung vu Bouneweg, décriminalisation de Bonnevoie

Dépôt: Mme Milica Spica, le 31.08.2017

845 - Demande de pétition publique: Constitution d'une liste publique pour promoteurs mal-honnêtes

Dépôt: M. Armand Bandiera, le 05.09.2017

846 - Demande de pétition publique: Roude Léiw, huel se

Dépôt: M. Carlo Bretz, 05.09.2017

847 - Demande de pétition publique: Introduction d'un cours de premiers secours dans les écoles et lycées

Dépôt: Mme Catia Neves da Costa, le 06.09.2017

848 - Demande de pétition publique: Limiter, signaler et indexer les rues/routes empruntables par les participants de la circulation ne disposant pas d'un moteur capable de dépasser une vitesse de 50 km/h

Dépôt: M. Peter Freitag, le 06.09.2017

849 - Demande de pétition publique: Polizeibüro rund um die Uhr in der Gemeinde Pétingen

Dépôt: M. Marc Goergen, le 10.09.2017

850 - Demande de pétition publique: Cours obligatoires en alimentation à l'enseignement secondaire - Obligatoresche Cours an de Lycéeën iwwert d'Ernährung - Verpflichtender Ernährungsunterricht an den Schulen

Dépôt: M. Kevin Berna, le 10.09.2017

851 - Demande de pétition publique: Pétition contre l'implémentation obligatoire des communicateurs communicants (smartmètre modèle Smarty au Luxembourg) sur l'ensemble du réseau national d'électricité dont sur les réseaux de gaz et d'eau

Dépôt: M. Filipe Loureiro Marques Pinto, le 11.09.2017

852 - Demande de pétition publique: Recours collectif (action collective ou action de groupe)

Dépôt: Mme Silvia Vidal Munoz, au nom de Touring Association Luxembourg, le 11.09.2017

853 - Demande de pétition publique: Résolution des problèmes de mobilité et de transport via l'immobilité - Décentralisation, télétravail, plages horaires mobiles

Dépôt: M. Gabriele Catini, le 14.09.2017

854 - Demande de pétition publique: Pour la mise en loi d'une obligation de paiement de pourboire à partir d'un pourcentage prédéfini, dans des domaines du travail spécifiques comme par exemple la restauration ou la livraison

Dépôt: M. Patrick Papillo, le 17.09.2017

855 - Demande de pétition publique: Adaptation du temps pour pratiquer du jet-ski sur le territoire luxembourgeois de la Moselle

Dépôt: M. Serge Backendorf, le 18.09.2017

856 - Demande de pétition publique: Maintien de la possibilité de se prononcer aux urnes en cas de domicile à l'étranger

Dépôt: M. Carlo Schneider, le 18.09.2017

857 - Demande de pétition publique: Remplacer le système de files d'attente des centres de contrôle technique (SNCT) par un système qui ne requiert pas le déplacement des véhicules

Dépôt: M. Tom Leclerc, le 18.09.2017

858 - Demande de pétition publique: Donner une identité à l'aéroport

Dépôt: M. Francois Grataloup, le 19.09.2017

859 - Demande de pétition publique: Pour des accises beaucoup plus élevées sur le diesel

Dépôt: M. Luc Scholtes, le 24.09.2017

860 - Demande de pétition publique: Soulager les futurs locataires

Dépôt: M. Joao Lima Da Cruz, le 24.09.2017

861 - Demande de pétition publique: Résiliation de la convention „UEBL - Union économique belgo-luxembourgeoise“

Dépôt: M. Joao Lima Da Cruz, le 24.09.2017

862 - Demande de pétition publique: Sanctions pour les chauffeurs sous l'influence de l'alcool

Dépôt: M. Bruno Giallombardo, le 24.09.2017

863 - Demande de pétition publique: Permis de conduire provisoire/probatoire pour jeunes conducteurs

Dépôt: M. Mariano Neves Pires, le 25.09.2017

864 - Demande de pétition publique: Sécurité sur nos routes nationales

Dépôt: M. Joseph Colazzo, le 27.09.2017

865 - Demande de pétition publique: Voiture électrique exempte de la TVA

Dépôt: M. Ernad Agovic, le 28.09.2017

866 - Demande de pétition publique: Sécurité routière

Dépôt: M. Marco Neves da Silva, le 28.09.2017

867 - Demande de pétition publique: Français: Pour la protection de l'enfant et de la dignité humaine et contre le projet de loi n°6568A sur la PMA (procréation médicalement assistée avec le sperme d'un tiers donneur) et la GPA (gestation par une mère porteuse qui abandonne l'enfant à un commanditaire); Deutsch: Für den Schutz des Kindes und der menschlichen Würde, gegen das Gesetzesprojekt Nr 6568A betreffend die medizinische Fortpflanzung mit Drittpendern (künstliche Befruchtung mit Sperma eines Dritten) und die Leihmutterchaft (GPA - Austragen eines Kindes durch eine Leihmutter, die ihr Kind hergibt an einen Auftraggeber)

Dépôt: M. J.-Jacques Lorang au nom de „Initiative Schutz fir d'Kand a.s.b.l.“, le 29.09.2017

8. Ordre du jour

Da géif ech d'Chamber froen, ob se mat deem Ordre du jour, deem d'Präsidentekonferenz vum leschten Donneschdeg proposéiert huet, d'accord ass.

(Assentiment)

Déi Propositionne sinn ugehoill.

9. 7174 - Proposition de loi portant sur la zone de sauvegarde du commerce et de l'artisanat de proximité et le droit de préemption des communes en matière commerciale et artisanale et modifiant la loi du 19 juillet 2004 concernant l'aménagement communal et le développement urbain

Déclaration de recevabilité

Dann nach kuerz ee Punkt - ech hätt dat och kënne virhuelen, mä ech huelen dat dann elo, de Generalsekretär huet ganz gutt opgepasst -, hei geet et ëm d'Recevabilitéit vun enger Proposition de loi. An hirer Reunioun vum 5. Oktober 2017 huet sech d'Präsidentekonferenz fir d'Recevabilitéit vun der Proposition de loi 7174 ausgeschwat. Et geet do ëm den Aménagement communal a si ass abruecht gi vum Här Serge Wilmes.

Schléisst d'Chamber sech dem Avis vun der Präsidentekonferenz un?

(Assentiment)

Dann ass dat esou decidéiert.

Eisen Ordre du jour hu mer scho geneemegt an da géife mer zum éischte Punkt vun eisem Ordre du jour iwwergoen, dem Projet de loi 7091 iwwert d'Uebstplanzen. D'Wuert huet direkt den honorabele Rapporteur vum Projet, den Här Gusty Graas.

10. 7091 - Projet de loi relative à la commercialisation des matériels de multiplication de plantes fruitières et des plantes fruitières destinées à la production de fruits

Rapport de la Commission de l'Agriculture, de la Viticulture, du Développement rural et de la Protection des consommateurs

► **M. Gusty Graas (DP), rapporteur.** - Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, léif Kolleegen, 1990 hate mer hei zu Lëtzebuerg 57 ha Bongerten, 2015 waren et der schonn 163. De Moment hu mer eng ronn 20 Betriber, déi intensiv 62 ha bewirtschaften. 2014 goufen insgesamt 3.000 Tonnen Uebst hei zu Lëtzebuerg produziéiert, virun allem Äppel, Biren a Prommen. Mä dat mécht allerdéngs nëmmen 0,7% vun der gesamter Agrarproduktioun hei zu Lëtzebuerg aus. Dat ass natierlech net ganz vill, mä trotzdem sollt een dee Marché awer hei net ënnerschtätzen. An ech wëll virun allem op den europäeschen Niveau hiweisen, wou d'Produktioun vun Uebst allerdéngs e ganz héije Stellwäert an der ganzer Agrarproduktioun huet.

Haut befaasse mer eis mat engem Gesetz iwwert de Commerce vu „Vermehrungsmaterial“ vun Uebstplanzen. Ech ginn éierlech zou, ech hu kee bessert lëtzebuergesch Wuert fonnt, et schéngt esou awer richtig ze sinn. Dat heescht, mir schwätzen hei virun allem vu Som vu Planzen, zu deenen och d'Porte-greffé gehéieren. Et ass evident, datt virun allem och an deem Beräich ganz héich Qualitätsstandarde mussen zielen, well sech jo virun allem um Niveau vun der Uebstproduktioun awer ganz séier kënne Krankheete breetmaachen.

De Projet de loi ass an eiser Kommissioun an deem Sënn diskutéiert ginn an de 5. Mee 2017 gouf de President vun der Kommissioun als Rapporteur benannt. Ëm wat geet et genee? Mä hei geet et virun allem drëm, fir eng nei legal Basis ze schafen. D'europäesch Direktiv 2008/90 war zu Lëtzebuerg ëmgesat ginn duerch d'groussherzoglecht Règlement vum 18. Abrëll 2010. An der Tëschenzäit sinn awer dräi nei EU-Direktiven zrëckbehalen ginn an dowéinst hu mer och gemengt, et wier elo gutt, wann ee géif en eegene legale Kader schafen. Duerfir erlaabt och dat Gesetz eis haut, en neit groussherzoglecht Règlement ze stëmmen (veuillez lire: Duerfir erlaabt eis och dat Gesetz, wat mer haut stëmmen, en neit groussherzoglecht Règlement ze kréien), wat u sech méi genee detailléiert Prescriptiounen vun deenen dräi Direktiven zrëckbehält. Deen neie juristesche Kader definéiert u sech och déi nei penal Sanktiounen an och d'administrativ Mesuren.

Et handelt sech bei deem Gesetz also prioritär ëm Adaptatiounen vum groussherzoglecht Règlement vum 2010. Ech wëll awer elo direkt ënnersträichen, datt dat Gesetz hei net fir Planze gëllt, déi ausserhalb der Europäescher Unioun exportéiert ginn, an och fir OGM-Planze ginn et zousätzlech Oplagen.

D'Produzenten hei zu Lëtzebuerg mussen hir Planze jo virun allem bei auslännesche Pepiniëre kafen. Mir wollten awer hunn, datt déi net professionell Entrepreneuren net ze vill Contrainté sollten operuecht kréien. Si brauchen duerfir, am Contraire zu deenen anere Fournisseuren, net enregistréiert ze ginn. Mir wëllen näamlech och an Zukunft nach hei zu Lëtzebuerg eng gewësse genetesch Diversitéit vun Uebstplanzen behalen. Dowéinst gëtt déi Lëscht vun Zorte vun Uebst, déi dodrënnerfalen, an déi annexéiert ass un d'Gesetz, allerdéngs limitéiert. Déi Zorten an d'Reproduktionsmaterial wéi och d'Hybride kënne just op déi Lëscht kommen, wa se zertiféiert sinn oder wa se duerch den offizielle Contrôle vun CAC-Mate-

rial examinéiert goufen. CAC heescht iwwregens „conformitas agraria communitatis“.

D'Fournisseuren hei zu Lëtzebuerg ginn allerdéngs och autoriséiert, fir zu sougenannten „wëssenschaftlechen“ Zwecke Planzen ze benotzen. Déi kënne dann och deementspreechend an de Commerce kommen. Wat awer wichteg ass: datt fir eis elo hei d'Garantie geléiwert gëtt, datt fir d'Pepiniëren déi Konditiounen, déi se mussen respektéieren beim Akaf vu Planzen am Ausland, méi kloer sinn. An ech denken hei virun allem un déi ekonomesch besonnesch wäertvoll Uebstkulturen. Esou mussen och d'Fournisseuren all schiedlech Organisme bei den zoustännegen Autoritéiten melden. Gegebenenfalls mussen si och Echantillonen an de Laboratoire schécken. Och mussen se mindestens während dräi Joer e Verkaufs- an och en Akafsregëster féieren, soudatt u sech d'Trabilitéit vun alle Wuere garantéiert ass.

Da gëtt och nach e Regëster vun deenen eenzelnen Uebstzorte gefouert. Eng Zort muss iwwregens offiziell an engem EU-Memberstat enregistréiert sinn oder virun dem 30. September 2012 bei eis oder an engem aneren EU-Stat am Verkauf gewiescht sinn.

Während der Vegetationszäit oder der Recolte mussen d'Vermehrungsmaterialien an d'Uebstplanzen a getrennte Louse gefouert ginn. A wann d'Produkte fir en net professionelle Consommateur geduecht sinn, da brauch den Etiquetage nëmmen elementar Informatiounen ze enthalten. Ze bemerken ass allerdéngs nach eng Kéier, ech wëll dat hei ënnersträichen, datt bei genmodifizéierte Planzen dat op alle Fall muss ganz kloer op der Etikett gekenntzeechent sinn. An Uebst a Vermehrungsmaterial vu klengem Produzenten, wat just fir de Gebrauch um net professionelle lokale Marché geduecht ass, ass allerdéngs vun dese Kontrollen dispenséiert.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, am Artikel 11 vun deemem Projet de loi geet et dann ëm Produkter aus Drëttlänner ausserhalb der Europäescher Unioun. An deem Fall kann dann déi national Autoritéit, an dat ass an deemem Fall de Service horticulture vun der ASTA, déiselwecht Konditiounen applizéieren, wéi se och fir Produkter an der Annexe I virgesi sinn. A wann op EU-Niveau keng esou Contrainten oder Konditiounen bestinn, da kënne déi national Bestëmmungen dee Moment och applizéiert ginn. All déi aner Planze gi jiddefalls bei hirer Produktioun kontrolléiert.

Déi responsabel staatlech Servicer hunn natierlech och zu alle Stonnen Zougang zu de Produktiounsinstallatiounen, dat allerdéngs just, wann e Verdacht op eng Infractioun grave besteet. Si kënne sech dann e Regëster froen, si kënne Echantillone vun deenen eenzelne Planzen huelen, si kënne Fotoe maachen a si kënne och souguer Saisië vun de Produkter maachen. A wann eng Saisië iwwer dräi Méint Bestand huet, da kann d'Gericht decidéieren, datt déi Planze kënne zerstäiert ginn.

Ech wëll och hei ënnersträichen, datt déi zoustänneg Kontrollbeamten natierlech mussen eng spezifesch Formatioun kréien. Si hunn natierlech, wéi dat an deene Fäll do ëmmer ass, de Statut vum Officier de police judiciaire.

Da ginn natierlech an deem Gesetz och Sanktiounen opgeléicht. Et ass evident: Wa Kontrollen gemaach ginn, da mussen déi och sanktionéiert ginn, déi sech net un d'Regelen halen. Ech wëll hei virun allem op den Artikel 16 hiweisen, wou och Avertissements taxés virgesi sinn. Do ass de Minimum 25 Euro an de Maximum 250 Euro. De Conseil d'État war éischter der Meenung, mer sollten dat op 1.000 Euro eropsetzen. Mir hunn allerdéngs an der Kommissioun d'Meenung vetratt, datt ee sollt bei 250 Euro bleiwen, well wann een de Seuil eropsetzt, riskéiert een, datt eng Rei Leit vläicht net bezuelen an der Hoffnung, den Tribunal eng manner héich Strof ausspréche géif. An den Artikel 17 befaasst sech dann och mat den administrative Sanktiounen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll dann awer och nach e kuerzt Wuert iwwert d'Avisen hei verléieren, déi duerch d'Bank alleguer positiv waren. D'Chambre de Commerce begreift dest Gesetz. Mir hu souguer eng Rei textuell Propose vun där Chamber iwwerholl. Och d'Landwirtschaftskummer weist sech ganz zefriden.

Dann huet de Conseil d'État a sengem Avis vum 28. Mäerz 2017 dräi Oppositionen formelles ausgeschwat, deene mer och alleguer Rechnung gedroen hunn. Do war ënner anere gefuerdert ginn, datt, wéi gesot, déi Uebstzorten och missten an enger Annexe an dem Gesetz herno drugehaange ginn. Eng



klassem Opositioun formelle, wéi ee se a villen anere Gesetzer och begéint, war déi, datt eng Referenz op e Règlement grand-ducal gemaach gi war. Dann hat de Conseil d'État och nach Problemer mam fënnefte Paragraf vum Artikel 15, wou et ëm Sanktiounen gaangen ass. Wéi gesot, mir hu selbstverständlech deenen dräi Opositiounen och Rechnung gedroen.

De Conseil d'État huet zu deem Gesetz hei eng Rei textuell Propose gemaach, déi mer och iwwerholl hunn, a virun allem huet en den Titel vun deem Gesetz gekierzt, dee scho ganz schwéier auszuspréche war. A wéi gesot, ech entschëllege mech, datt mer net ëmmer esou dee richtege Lëtzebuerger Term fir déi technesch franséisch Ausdréck fonnt hunn.

Den Avis complémentaire vum Statsrot war da vum 27. Juni 2017. Den 29. September, elo de leschten 29. September, huet d'Kommissioun dëse Rapport unanime ugeholl. Duerfir géif ech lech och bieden, deem éischte Gesetz an der neier Legislaturperiod (veuillez lire: Sessioun) Är Ënnerstëtzung ze ginn. An ech bréngen och gläichzäiteg den Accord vu menger Fraktioun.

Ech soen lech Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci dem Här Rapporteur. An d'Wuert huet elo direkt d'Madamm Martine Hansen.

Discussion générale

► **Mme Martine Hansen (CSV).**- Merci, Här President. Fir d'Éischt e grouse Merci un de Rapporteur. En huet definitiv souzesoen alles gesot. Mir hunn hei zu Lëtzebuerg net vill Uebstbaueren. Mir hunn 20 Betriber, ronn 60 ha. Fir déi ass natierlech d'Qualitéit vun de Planzen immens wichteg. A mat der Ëmsetzung vun dëser Direktiv mat deem Projet de loi wäerte mer déi Qualitéit och kënne garantéieren. Duerfir ginn ech och den Accord vun der CSV-Fraktioun zu deem Projet de loi.

(Hilarité)

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci der Madamm Hansen. An nächst Riednerin ass d'Madamm Burton.

► **Mme Tess Burton (LSAP).**- Merci, Här President. Ech wëll dann och dem Rapporteur villmools Merci soe fir säin ausféierleche Rapport. Wéi gesot, en ass op all Detail agaangen an deem ass näischt bäizefügen, soudass ech och den Accord vun eiser Fraktioun fir de Projet ginn.

Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci. Dann huet d'Wuert den Här Kox.

► **M. Henri Kox (déi gréng).**- Merci, Här President. Ech ginn och den Accord vun eiser Fraktioun a gläichzäiteg e Merci un de Rapporteur fir den ausféierleche Bericht.

Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci. Den Här Gibéryen huet d'Wuert.

► **M. Gast Gibéryen (ADR).**- Merci, Här President. Ech wëll mech meng Virriedner uschlëssen an och den Accord vun eiser Säit bréngen.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Dann huet den Här Wagner d'Wuert.

► **M. David Wagner (déi Lénk).**- Merci, Här President. Ech wollt just eng generell Remarque maachen, wat d'Registrieren an d'Standardiséiere vun den Aarten a vu Somer ugeet an der EU. Dat ass eng gréisser Diskussioun, wou och souguer Jurisprudenze gesprach gi sinn, well et awer eng Gefor kann duerstelle fir d'Biodiversitéit. Ech mengen, vill Leit si sech däre besosst.

Deen heite Projet de loi, dee setzt d'Reglementer ëm, e gesäit och Ausname vir fir kleng Produzenten, wat och ze begrëssen ass. Allerdéngs betrëfft dat just e klengen Domän. Dofir wëilt ech awer zum Ausdrock bréngen, datt mir trotz dëser luewenswäerter Ausnamerege-

lung gréisser Bedenken hunn, wat de Prinzip ugeet. An deementspriedend wäerte mir eis enthalten.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci. An elo huet d'Wuert den Här Landwirtschaftsminister.

Prise de position du Gouvernement

► **M. Fernand Etgen, Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et de la Protection des consommateurs.**- Merci, Här President. Dëse Gesetzesprojet ass d'Ëmsetzung vun enger europäescher Direktiv. Mat deem Gesetz an deene Reglementer, déi duerno nach wäerte kommen, soll séchergestallt ginn, datt d'Planzematerial, a besonnesch dat, wat fir de professionellen Uebstbau produzéiert a verkaaft gëtt, deene ganz wichtegen Ufuerderunge vu Variétéitsidentitéit a Planzegesondheet soll gerecht ginn.

Och wann et sech hei ëm eng ganz technesch Matière handelt - a grad duerfir erlaben ech mer, fir dem Rapporteur e ganz grouse Merci ze soe fir säi schrëftlechen a mëndleche Rapport an him ausdrécklech duerfir ze felicitéieren -, ass et awer ganz wichteg, datt mer dëst Gesetz fir eis Uebstbauere kréien. Et ass natierlech wichteg, wëll ech dem Här Wagner soen, grad well et ee ganz sensibele Beräich ass, datt mer eng streng Legislatioun um europäeschen Niveau hunn, besonnesch well eben einfach eis Lëtzebuerger Uebstbaueren an d'Ausland kafe ginn, an datt mer och eng ganz streng Reglementatioun an deem Beräich hunn.

Ech jiddefalls géif d'Chamber bieden, dëse Projet unzehuelen. Merci villmools.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci och dem Här Minister. A mir géifen dann direkt zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7091 iwwergoen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7091 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt un. An d'Ofstëmmung ass eriwwer.

Mir hunn 58-mol Jo an 2 Abstentiounen, do mat ass de Projet de loi ugeholl.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lambert, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Se sont abstenus: MM. Marc Baum et David Wagner.


Ass d'Chamber bereet, d'Dispens vum zweete Vott unzefroen?

(Assentiment)

Merci. Dann ass dat esou decidéiert.

An da wäre mer um Enn vun der Sëtzung vun haut ukomm, e bëssen éischter wéi soss, mä haaptsächlech doduerch ze erklären, dass den Owend déi offiziell Feierlechkeet fir den nationale Kommemoratiounsdag ass. Dat gesot, schlëssen ech d'Sëtzung of, a Rendez-vous ass muer um zwou Auer.

(Fin de la séance publique à 15.24 heures)



Présidence: M. Mars Di Bartolomeo, Président • Mme Simone Beissel, Vice-Présidente

Sommaire

1. Ouverture de la séance publique
 - M. Mars Di Bartolomeo, Président
2. 6938 - Proposition de révision de l'article 32, paragraphe 4 de la Constitution - second vote constitutionnel
 - Exposé: M. Alex Bodry
 - Discussion générale: M. Léon Gloden, Mme Simone Beissel, M. Claude Adam, M. Roy Reding, M. Marc Baum
 - Prise de position du Gouvernement: M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État
 - Second vote constitutionnel sur la proposition de révision de la Constitution
3. 7102 - Projet de loi
 - 1) complétant la transposition de la directive 2014/54/UE du 16 avril 2014 relative à des mesures facilitant l'exercice des droits conférés aux travailleurs dans le contexte de la libre circulation des travailleurs;
 - 2) modifiant le Code du travail;
 - 3) modifiant la loi modifiée du 16 avril 1979 fixant le statut général des fonctionnaires de l'État;
 - 4) modifiant la loi modifiée du 24 décembre 1985 fixant le statut général des fonctionnaires communaux;
 - 5) modifiant la loi modifiée du 28 novembre 2006 portant
 1. transposition de la directive 2000/43/CE du Conseil du 29 juin 2000 relative à la mise en oeuvre du principe de l'égalité de traitement entre les personnes sans distinction de race ou d'origine ethnique;

2. transposition de la directive 2000/78/CE du Conseil du 27 novembre 2000 portant création d'un cadre général en faveur de l'égalité de traitement en matière d'emploi et de travail;
3. modification du Code du travail et portant introduction dans le Livre II d'un nouveau titre V relatif à l'égalité de traitement en matière d'emploi et de travail;
4. modification des articles 454 et 455 du Code pénal;
5. modification de la loi du 12 septembre 2003 relative aux personnes handicapées
 - Rapport de la Commission de la Famille et de l'Intégration: M. Gilles Baum
 - Discussion générale: Mme Sylvie Andrich-Duval, Mme Taina Bofferding, M. Roberto Traversini, M. Fernand Kartheiser
 - Prise de position du Gouvernement: Mme Corinne Cahen, Ministre de la Famille et de l'Intégration
 - Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel
4. 6995 - Projet de loi portant modification de la loi du 7 août 2012 portant création de l'établissement public «Laboratoire national de santé»
 - Rapport de la Commission juridique: Mme Josée Lorsché
 - Discussion générale: M. Gilles Roth, Mme Cécile Hemmen, M. Edy Mertens, M. Roy Reding, M. Marc Baum
 - Prises de position du Gouvernement: M. Félix Braz, Ministre de la Justice, Mme Lydia Mutsch, Ministre de la Santé
 - Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Au banc du Gouvernement se trouvent: M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État; M. Félix Braz, Mme Lydia Mutsch et Mme Corinne Cahen, Ministres.

(Début de la séance publique à 14.01 heures)

1. Ouverture de la séance publique

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Gudde Mëtteg! Ech maachen heimat d'Sët-

zung op a froen d'Regierung direkt, ob se eng Kommunikatioun ze maachen huet.

► **M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État.**- Neen, Här President, dat ass net de Fall.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci. Ech ginn dovun Akt an ech géif dann direkt zum éischte Punkt vun eisem Ordre du jour iwwergoen.

Et ass d'Propositoun 6938, fir den Artikel 32 Paragraf 4 vun der Verfassung ze änneren. Et sief drop higewisen direkt am Ufank, dass laut Artikel 114 vun der Verfassung eng qualifizéiert Majoritéit vun zwee Drëttel vun de Stëmmen noutwendeg ass. De Vote par procuration ass net erlaabt.

Duerfir géif ech dann och direkt dem Auteur-rapporteur d'Wuert ginn, dem Här Alex Bodry. Här Bodry, Dir hutt d'Wuert.

2. 6938 - Proposition de révision de l'article 32, paragraphe 4 de la Constitution - second vote constitutionnel

Exposé

► **M. Alex Bodry (LSAP), auteur-rapporteur.**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, bei